



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 4649 du 12 juillet 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les « tests PCR pour les voyages en avion »

Kann d'Madamm Minister dës Informatiounen confirméieren? Wa jo, wéi gedenkt si dorop ze reagéieren?

Am Kader vum Large Scale Testing, wou een einfach een Rendez-vous online fir fréistens den nächsten Dag buchen kann, waren déi lescht 2 Wochen nach all Dag Rendez-vous'en fräi. Verschidden Drive-in wei den Howald oder Bouillon sinn besser besicht, sou dass et kann virkommen dass déi ausgebucht sinn, an een dann ob een aner Drive-in auswäichen muss. Virun 20h00 ass eng Reservatioun nach vir den nächsten Dag méiglech.

D'Laboratoires d'analyses waren eises Wëssens no déi lescht 2 Wochen och net ausgebucht, an och do war et nach méiglech kuerzfristeg een Rendez-vous fir een PCR Test ze buchen. Dësweideren ass eis och näischt bekannt wat déi certifiéiert Antigen Tester ugeet, och wann do d'Kapazitéiten e bëssen méi kleng sinn wei am Large Scale Testing.

D' Teststationen um Flughafen sinn weiderhin nach aktiv an bidden folgend Méiglechkeeten un:

Die Passagéier die vum Findel fortfléien hunn d 'Méiglechkeet en Rapid Antigen Test, en PCR oder en Express PCR Test géint Bezuelung duerchféieren ze loosse. Dës Tester ginn vum Flughafenbedriewer a Kooperatioun mat engem approuvéierten Laboratoire ugebueden an organiséiert. Passagéier sollen am Viraus e Rendezvous iwwert den Internetsite vum Flughafenbedriewer maachen, well d 'Kapazitätéite limitéiert sinn.

Die Passagéier déi um Findel ukommen hunn d 'Méiglechkeet en PCR test am Kader vum Large Scale Testing ze maachen. D 'Passagéier kréien e Bong fir e gratis PCR Test deen se direkt op der Platz maachen kënnen. Dës Tester gi vum Gesondheitsministère ugebueden. Et ginn also eng ganz Réi Méiglechkeeten fir vun engem Test ze bénéficiéieren fir Leit déi eng Vakanz geplangt hunn an en Noweis vun engem negativ Test müssen hunn fir anzekreesen. D 'Leit müssen just am Virfeld hier Dispositiounen huelen fir den Dag vun der Oofrees och déi néideg Dokumenter ze hunn.

Wéi eng Reegele gëllen um Flughafen bis de 14.09. an der Hypothees, datt déi aktuell Propositione vun der Regierung esou vun der Chamber akzeptéiert ginn an als Gesetz gestëmmt ginn? Gëtt d'Regierung eng kloer Instruktioun eraus an där all Leit déi wëlle mam Flioger reesen genee gesinn wéi eng Zertifikater oder Tester si brauchen an a wéi enger Form si déi musse kënnen dokumentéieren?

D'Anreesbestëmmungen an Lëtzebuerg sinn net am Kader vum Covid-Gesetz fixéiert, mee baséieren op enger Ordonnance vum Direkter vun der Santé, déi an Fonctioun de la Situation kann adaptéiert ginn. Waat d'Ausreesbestëmmungen ubelängt ass, muss all Persoun sech am Virfeld iwwer d'Areesbestëmmungen vum Land an daat hien reest informéieren an oofklären waat fir eng Dokumenter virgeluecht musse ginn. Dës Informatiounen fënnt een meehtens op den Internetsaiten vun den Ausseministèren vun den concernéierten Länner.



No mengen Informatiounen ass et och scho virkomm, datt eng iresch Lowcost Airline Passagéier de Fluch vum Findel aus verweigert huet, well si net geimpft waren. Sinn d'Dispositiounen vum 3G fir d' Fluchgesellschaften am Sënn vun enger Maximalrestriktioun gesetlech verpflichtend, oder dierfen si doriwwer raus, nach eegen, zousätzlech Aschränkunge fixéieren?

All Land huet seng eegen Areesbestëmmungen, iwwert déi all Passagéier sech am Virus bei den offiziellen Sourcen vun der jeeweileger Destinatioun oder der Fluchgesellschaft informéieren soll. D' Fluchgesellschaften sinn och verpflichtet déi spezifizéiert Bestëmmungen vum jeeweilegen Land ze berücksichtegen a mussen dofir suergen datt d'Passagéier des Kritären erfëllen ier se hir Fluchrees untrieden. Dëst gëtt vun der Fluchgesellschaft oder hirem Groundhändler beim Check-in oder beim Boarding um Gate kontrolléiert.

D 'Fro ob déi genannten iresch Bëllegfluchgesellschaft zousätzlech Aschränkunge fixéieren kann, muss un déi relevant Fluchgesellschaft adresséiert ginn.